A ce jour 5250 références de produits labellisés Fairtrade sont enregistrées sur le marché au Luxembourg dont 635 nouvelles références venues s'ajouter en 2023, soit une augmentation de 14% par rapport à 2022. En outre, 60 % de ces références portent le label biologique.

Fairtrade & local : 453 produits Fairtrade sont proposés par des marques luxembourgeoises.

En 2023 le commerce équitable au Luxembourg a ainsi connu une forte progression. Et cela grâce au soutien des fidèles consommateurs et partenaires du commerce équitable au Luxembourg, comme les Fairtrade Gemeng !

SCAN MICH...

... und sieh dir die Geschichte der Fairtrade-Kooperative Coobana an. Früher litten sie unter dem Bananenmonopol, heute geht es ihnen besser, dank Fairtrade. Jeder faire Einkauf zählt!





KANNER AN FAMILLENHËLLEF

A.S.B.L

Chrëscht dags-Liewensmëttelpäck fir aarm Familljen a Rumänien an an der Ukrain 1.-20.11.2024

Gratis Këschtchen kritt Dir op de Sammelplazen an an de
Kierchen vun ärer Par vum 1. November un.

D'Këschtchen mussen all d'selwecht gefëllt si mat folgende
Saachen:

- 1 kg Zocker
- 250 g Kaffi am Pak
- 2 x Vitaminbrausetabletten
- 1 kg Miel
- 250 g Back-Kakao
- Kichelcher
- 1 kg Râis
- Friichtentéi
- Kamellen
- 1 kg Spaghetti
- 500 g Margarine
- 400 g Schokela
- 3 Päck Bouillonscuben
- 2 Fëschkonserven
- Chrëscht dagskaart
- 4 Päck Zoppen à 4 Telleren
- 1 kg Schmull
(semoule de blé)

Gitt dës gefëllte Këschte w.e.g. virum **20. November 2023**
op de Sammelplazen of.

Fir Problemer op der Grenz ze vermeiden, musse mir all
Këschte kontrolléieren.

Dofir w.e.g. d'Këscht weder zoupechen nach zoustrécken.
Dir hutt awer och d'Méiglechkeet fir Geld op de Sammel-
plazen ofzeginn fir Këschte vun eis fëllen ze loossen (35€
pro Këscht).

Zu Ollem sammele mir ausserdeem Kannerspillsaachen,
Veloen, Babybettercher mat Matraz a Gedecks, komplett
Kannerkutschen, Buggys a waarm Decken. Villmools Merci!

Spenden fir d'Transportkäschtchen vun dëser Aktioun oder
fir rumänesch Kannerheemer mat der entsprecherender
Mentioun op dëse Konto:

CCPLLULL
IBAN LU61 1111 7038 8755 0000
KANNER AN FAMILLENHËLLEF A.S.B.L.

Sammelplazen/ points de collecte: 1.11.-20.11.2024

Kehlen: Marthe Biver 23, Schaarfeneck Tel. 621 290 104
Keispelt: Odile Kisch 43, rue de Kehlen Tel. 621 318 379
Nospelt: Georgette Reichling, 7, rue d'Olm Tel. 30 02 18
Olm-Village: M.-Jeanne Hilgert 7, rue de Kehlen Tel. 661 30 93 20
Olm-Cité: Josée Scheller 10, rue Général Patton Tel. 621 178 359

Paquets de Noël pour des familles nécessiteuses en Roumanie et en Ukraine 1.-20.11.2024

Cartons gratuits: aux points de collecte et aux églises de
votre paroisse dès le 1^{er} novembre.

Les paquets doivent être identiques et contenir les aliments
suivants:

- 1 kg sucre
- 250 g café (paquet)
- 2x comprimés effervescents
de vitamines
- 1 kg farine
- 250 g cacao nature
- biscuits
- 1 kg riz
- tisane aux fruits
- bonbons
- 1 kg spaghetti
- 500 g de margarine
- 400 g de chocolat
- 3 paquets de bouillon
en cubes
- 2 conserves de poisson
- 1 kg semoule de blé
- 4 sachets de soupe déshydraté
à 4 assiettes
- carte de Noël

Veillez s.v.p. remettre ces cartons remplis aux points de
collecte avant le **20 novembre 2023**.

Pour éviter des problèmes à la frontière, tous les paquets
doivent être contrôlés.

S.v.p. ne pas coller ni ficeler les paquets. Vous avez aussi
la possibilité de donner de l'argent aux points de collecte
pour remplir des cartons par nos soins (35 € par carton).

À Olm nous collectons aussi: jouets, vélos, lits de bébé
avec matelas et literie, landaus avec literies, poussettes,
couvertures chaudes. Merci beaucoup!

Dons pour les frais de transport de cette action ou pour
les orphelinats roumains avec la mention correspondante
sur le compte ci-dessous:

Kanner an Familljenhëllef A.S.B.L

Siège social:
7, rue de Kehlen
L-8394 Olm
Tel. 661 309 320

NATURPAKT - ENGAGEMENT GËTT AUSGEZEETCHENT!

Text **SICONA** Fotos **SICONA**

D'Gemeng engagéiert sech aktiv fir den Naturschutz an ass dem Naturpakt 2021 bäigetrueeden, dee vum Ëmweltministère an d'Liewe geruff ginn ass fir den Naturschutz an de Gemengen ze fërderen an ze belounen.

Beim leschten Audit 2024 huet d'Gemeng mat 52,58% d'Bronzenzertifizéierung kritt. Déi enk Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng mat hiren eenzelnen Service, dem Fierschter an dem SICONA huet déi Progressioun méiglech gemaach.

Ëmgesate Moosnamen:

- ✓ Uplanze vun heemeschen a standuertgerechte Beem (Projet *Cité Hueseknäppchen*)
- ✓ Kartéiere vun den Akerflächen zur Ermëttlung vun hirem Aarteräichtum
- ✓ Zoumaache vun Entwässerungsgrief *A Wolkert* op enger Längt vu 450 m vum Fierschter fir de Waasserhaushalt am Bësch ze verbesseren
- ✓ Organisatioun vu *Green Events*
- ✓ öffentlech Holzbauprojeten aus Gemengenholz
- ✓ Installéiere vun Nistkëschte fir Vigel

Zukünfteg Projeten:

- ➔ Installéiere vun Insektenhoteller an Doutholzkéip op öffentleche Plazen am Siidlungsraum
- ➔ Konzept fir gemengeneege Flächen am Oppeland
- ➔ Kartéiere vun den öffentleche Gréngflächen am Siidlungsraum mam Zil ee Gestionsplang opzestellen an d'Biodiversitéit ze verbesseren.
- ➔ Reduktioun vun der Liichtverschmutzung duerch den Austausch vu Gemengeluuchten

Weider Informatiounen op: pactnature.lu an sicona.lu



Nistkëschen zu Olm



Ëffentlech Holzbauprojeten aus Gemengenholz



Entwässerungsgrief - A Wolkert

PACTE NATURE - ENGAGEMENT CERTIFIÉ !

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur



La commune s'engage activement pour la protection de la nature et a adhéré au Pacte nature en 2021. Celui-ci a été mis en place par le ministère de l'Environnement afin de promouvoir et récompenser les mesures de protection de la nature au niveau communal.

Dans le cadre de l'audit en 2024, la commune a obtenu la certification de bronze avec 52,58 %. La collaboration étroite entre la commune et ses services, le préposé forestier et SICONA a permis de progresser rapidement.

Les mesures mises en œuvre :

- ✓ Plantation d'arbres autochtones et adaptés en fonction de l'emplacement (projet Cité Hueseknäppchen)
- ✓ Cartographie des champs pour déterminer la biodiversité
- ✓ Fermeture des fossés de drainage sur une longueur de 450 m A Wolkert par le garde forestier afin d'améliorer l'équilibre hydrique de la forêt
- ✓ Organisation d'événement éco-responsables
- ✓ Projets publics de constructions en bois communal
- ✓ Installation de nids artificiels pour les oiseaux nicheurs aux bâtiments

Les mesures à réaliser :

- ➔ Installation d'hôtels à insectes et de tas de bois morts dans l'espace public en milieu urbain
- ➔ Concept pour les surfaces communales en milieu ouvert
- ➔ Cartographie d'espaces verts publics en milieu urbain pour l'élaboration d'un plan de gestion et l'amélioration de la biodiversité
- ➔ Réduction de la pollution lumineuse à travers le renouvellement de l'éclairage routier

Pour en savoir plus rendez-vous sur : pactenature.lu et sicona.lu



Kontakt / Contact

SICONA -
Naturschutzsyndikat
12, rue de Capellen
L-8393 OLM
Tel.: 26 3036 25
administration@sicona.lu

MOIEN!

MIR SINN D'JUGENDHAUS
VUN DER GEMENG
KIELEN! (JUKI)

Foto an Text JUKI asbl



JUGENDHAUS OLM

An dësem Artikel stëlle mir iech d'Jugendhaus vun Ollem vir, och nach Juki Ollem genannt. Fir unzufänken e puer Detailer zum Juki Ollem: d'Jugendhaus ass ëmmer dënschdes bis samschdes vu 14:00 bis 20:00 Auer op. Jonker am Alter tëschent 12 a 26 Joer kënnen sech bei eis aschreiwe komme fir Member ze ginn. Wann dir Interesse hutt, kënnt dir einfach bis laanscht kommen. Fir weider Froe sti mir och gären zur



Verfügung. An eise Raimlechkeeten zu Ollem fannt dir ee Kicker, Airhockey, Darts Scheif, Museksboxen, Sportsmaterial, Tëlee mat enger Playstation an enger Switch, Gesellschaftsspiller a villes méi. Fir déi Jonk déi un engem Tounstudio interesséiert sinn, sou ee steet zu Ollem och zur Verfügung. Hei kënnt dir är eege Musek ophuelen oder um PC är eege Videoen zesumme schneiden a bearbechten. Den Tounstudio ass super equipéiert mat enger Drone, Kamera, GoPro a villem méi. Dës weidere kache mir freides zesumme mat de Jugendlechen a bidden och vill verschidden Aktivitéiten un, wou déi Jonk bei Interesse ëmmer wëllkomm si fir matzemaachen.



PLAZ „OP DER WISS“ ZU OLLEM

Ronderëm de Juki ass säit dësem Summer en neien Highlight entstanen an zwar ass déi néi Plaz „Op der Wiss“ opgaangen, wou d’Kanner an déi Jonk sech richtig auspoweren kënnen. Hei ass fir jiddereen eppes dobäi, nieft engem Fussball- a Basketballterrain fannt der hei en Outdoor Fitness, Pingpong Dësch, Teqball Dësch, Skatepist ee Pumptrack, gratis Wasserstatioun an och nach Dëscher mat enger Feierstell an der Mëtt.

Sou ass Spaass fir Jidderee virprogramméiert. Säit der Erëffnung vun der neier Plaz verléine mir am Juki Skateboarden, Longboards an Tricktrottinetten souwéi och Schutzkleedung wéi Helmer a Schoner un eis Memberen.



DË - FR: 14:00 - 20:00 | SA: AKTIVITÉIT | INFO@JUKI.LU



ËFFNUNGZÄITEN JUKI KIELEN

LIBERATIOUNSTROOSS
L-8283 KEHLEN

T. 621 247 335

ËFFNUNGZÄITEN JUKI OLLEM

RUE DE L'INDÉPENDANCE
L-8327 OLM

T. 621 247 424

MIR SINN DËNSCHDES AN
DONNESCHDES VU 14-15 AUER
ONLINE OP FB, INSTA A CO.

ALL DËNSCHDEN AN DONNESCHDEN VUN
18 BIS 19 AUER MAACHE MIR ZESUMMEN
EN TUER DUERCH D'DUERF.



LES ÉVÉNEMENTS DANS VOTRE COMMUNE

11-12/2024

JOUR	SUJET	LIEU	ORGANISATEUR
SA/SA-DI/ SO 2 - 3.11	Exposition avec les artistes Palix et Guy Deltour	Kehlen Galerie bei der Kierch (2, rue de Keispelt)	Galerie bei der Kierch
DI/SO 3.11	Hämmelsmarsch	Dondel	Musek Keespelt-Meespelt
DI/SO 3.11	Spaghettisfriess	Musekshal Keespelt-Meespelt (35, rue Pierre Dupong)	K.R.E.A.
DI/SO 3.11	Run for Fun*	Kielen - Virun der Sportshal	Gemeng Kielen
LU/MÉ 4.11	Spillowend	Kielen - Paschtoueschhaus	Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun
JE/DO 7.11	De Bicherbus ass an der Gemeng (T13)	Kielen Busarrêt Primärschoul	Bibliothèque Nationale
JE/DO 7.11	Éischt-Hëllef-Cours	Kielen - Centre d'Incendie et de Secours Kehlen	Centre d'Incendie et de Secours Kehlen
JE/DO- DI/SO 7 - 10.11	Exposition avec les artistes Chantal Weyer et Flori F.	Kehlen Galerie bei der Kierch (2, rue de Keispelt)	Galerie bei der Kierch
VE/FR- MA/DÉ 8.11 -12.11	Kielener Kiermes	Kielen Op der Gemengeplaz	Gemeng Kielen
SA/SA 9.11	Hämmelsmarsch	Kielen	Fanfare Kehlen
JE/DO 14.11	Éischt-Hëllef-Cours	Kielen - Centre d'Incendie et de Secours Kehlen	Centre d'Incendie et de Secours Kehlen
SA/SA 16.11	De Bicherbus ass an der Gemeng (T5)	Capellen Cité Hueseknäppchen	Bibliothèque Nationale
SA/SA 16.11	Nationalen Dag vum Bam - Journée nationale de l'arbre	Kehlen - Parking P&R donnant sur la rue de Keispelt	Gemeng Kielen
SA/SA 16.11	Kniddel Owend	Ollem - Festsall (10, rue de Capellen)	Amicale CIS Kielen Asbl
SA/SA - DI/SO 16.11 - 17.11	Fine Wine - Nouspelter Wäindegustatioun	Nouspelt - Centre Culturel (4, rue de l'École)	Syndicat d'Initiative Nouspelt
DI/SO 17.11	Hämmelsmarsch	Ollem	Fanfare Kehlen
JE/DO 21.11	Éischt-Hëllef-Cours	Kielen - Centre d'Incendie et de Secours Kehlen	Centre d'Incendie et de Secours Kehlen

JOUR	SUJET	LIEU	ORGANISATEUR
VE/FR 22.11	Afterwork Party	Musekshal Keespelt-Meespelt (35, rue Pierre Dupong)	<i>Pompjeesfrënn Keespelt-Meespelt</i>
DI/SO 24.11	Internationale Männerdag - Concert: Les Gavroches	Ollem - Festsall (10, rue de Capellen)	<i>Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun</i>
VE/FR-DI/ SO 29. & 30.11. & 01.12	Jingle & Mingle - Chrëschtmaart zu Kielen	Kielen - nieft der Kielener Buvette	<i>D'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen a Kooperatioun mat de lokale Veräiner.</i>
DI/SO 1.12	Besënnlechen Adventsconcert	Keespelt - Kierch	<i>Gesank Keespelt-Meespelt</i>
LU/MÉ 2.12	Spillowend	Kielen - Paschtoueschhaus	<i>Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun</i>
SA/SA 7.12	De Bicherbus ass an der Gemeng (T5)	Capellen Cité Hueseknäppchen	<i>Bibliothèque Nationale</i>
DI/SO 8.12	Concert t'ass Chrëschttag	Nospelt - Devant l'église	<i>Chorale Ste Cécile Nospelt</i>
DI/SO 8.12	Thé dansant mam Orchester: Party Champs	Ollem - Festsall (10, rue de Capellen)	<i>Kommissioun vum 3. Alter</i>
JE/DO 12.12	Seniorefeier - Fête des seniors	Musekshal Keespelt-Meespelt (35, rue Pierre Dupong)	<i>Commune de Kehlen</i>
SA/SA 14.12	Brennerei-Fest zu Kielen	Kielen (13, rue d'Olm)	<i>Frënn vum Brennereimuseum</i>
DI/SO 15.12	Concert de l'Avent de la Fanfare Kehlen ensemble avec la Young People Band Kehlen	Kehlen - Église	<i>Fanfare Kehlen</i>
JE/DO 19.12	De Bicherbus ass an der Gemeng (T13)	Kielen Busarrêt Primärschoul	<i>Bibliothèque Nationale</i>
SA/SA 21.12	Mini Grand Prix		<i>DT Nospelt</i>

* Run for Fun également aux dates suivantes: 10.11 / 17.11 / 24.11 / 1.12 / 8.12 / 15.12 / 22.12 / 29.12



Scannt mech a fannt all d'Eventer
déi an der Gemeng organiséiert ginn.

GEMENGEROT

VUM 28 JUNI 2024

Present: de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäfte Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere, Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohlen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) an Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

Entschëllegt: Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Larry Bonifas (déi gréng), Gemengeconseillere

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vum Punkt 10, goufen eestëmmege uegholl.

GESCHLOSSE SËTZUNG

Erklärungen iwwert de Restantenetat 2023 vum Receveur

1. Personal Ugeleeënheeten – Kommunalen Erziigungs- an Empfangdénchscht fir Kanner

1.1. Opléisung vun engem Kontrakt während der Proufzäit vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales

De Gemengerot léist unhand vun engem geheime Vott den Aarbechtskontrakt während der Proufzäit vum engem Educateur, agestallt mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen/Woch), ënnert dem Statut vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales, op.

1.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales

De Gemengerot ernimmt en Educateur gradué fir de kommunalen Erziigungs- an Empfangdénchscht fir Kanner mat enger Tâche vun 100% ënnert dem Statut Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales

1.3. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert Tâche vun engem Gemengenemployé beim kommunalen Erziigungs- an Empfangdénchscht, an der Indemnitéitsgrupp D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales vun 18 Stonne pro Woch op 16 ab dem 01 September 2024 ze kieren.

1.4. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales

De Gemengerot ernimmt e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erziigung a Psycho-Soziales fir de kommunalen Erziigungs an Empfangdénchscht fir 24 Stonnen an der Woch mat engem CDI.

2. Personal Ugeleeënheeten – Gemeng Kielen

2.1. Promotioun vun engem Gemengebeamten an der Grad 14 an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp besonnesch Zoustännegkeet

De Gemengerot accordéiert engem Gemengebeamten d'Promotioun an der Grad 14 an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp besonnesch Zoustännegkeet ab dem 1ten Juli 2024.

2.2. Promotioun an der Grad 13 vum engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administratives

De Gemengerot accordéiert engem Gemengebeamten d'Promotioun an der Grad 13, an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administratives ab dem 01 August 2024.

ËFFENTLECH SËTZUNG

KOMMUNIKATIOUNEN

Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV) deelt mat dass an der haiteger Sëtzung d'Madamm Cheryl Binck an den Här Larry Bonifas entschëllegt sinn. D'Conseillere kruten den Ordre du jour vun deser Sëtzung all geschéckt an dofir gëtt proposéiert esou op deem ze schaffen. Wat och vun alle Particpanten approuvéiert gëtt.

D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) feliciteert dem Schäfferot, dem Service MarCom, dem informatische Service an dem Regiebetrieb fir de gelongen Nationalfeierdag. Et war e schéint Fest, wat déi groussherzoglech Koppel, d'Bierger an d'Visiteuren nach laang wäerten an Erinnerung behalen. Si selwer wëll awer virun allem och der Madamm Danielle Hartert-Theis an dem Léierpersonal feliciteiere fir déi aussergewöhnlech Performance déi si mat der grousser Unzuel vu Kanner duergeleucht hunn an natierlech och de Veräiner Merci soen déi eng ganz onkomplizéiert Zesummenaarbecht mat hier haten an déi sech och ganz flott der groussherzoglecher Koppel presentéiert hunn.

Den ORT Guttland huet seng Kollaboratiounen an enger rezenter Versammlung virgestallt deen ënnert anerem de Porteur du Projet wäert si vum Projet Leader rondrëm d'Vallée des sept châteaux, sou wéi och vum „Slow Souvenir“. D'Kollaboratioun vun de Gemenge besteet doranner Duerhotelen opzemaachen an do hunn sech d'Gemenge Sëll, Käerch a Groussbus-Wal gemellt. Et ass schued dass d'Gemeng Kielen net och bei esou engem Projet mat dobäi ass mä vläicht ass dat iergendwann eng Kéier de Fall. Nach e flotte Projet vun hinnen nennt sech „Tiermchen“, bei deem e Concours lancéiert ginn ass fir mam „Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils“ (OAI) zesumme Logementen ze kreieren déi zurzäit eischer op enger Plage an Holland ze fannen sinn. Et handelt sech ëm holze Chalette mat vill Fënsteren déi relativ kleng a mam Standard amenagéiert sinn an déi gebaut gi fir e previsionelle Präis vun 91.663,70€ HTVA fir eng Koppel a fir eng Famill vu 4 Leit fir e Präis vun 135.711,40€. Et soll eng Aart Cité ginn an där e puer Haisercher beieneen op engem klengen Terrain sollen opgeriicht ginn. Am Moment leeft do just e Concours fir ze kucke ween sech do mell fir esou en Terrain zur Verfügung ze stellen.

Den ORT huet och nach 2 nei Guttland- Trails ze verzechnen. An zwar den Trail „Déck Lee“ zu Kéiber wou och de Marketing

dofir elo am gaangen ass an den zweeten Trail heescht „Riedergrënn“ zu Rued bei Ell. Den Trail vun der Gemeng Kielen ass an der Maach. Et sinn och Restrukturatiounen an d'Markéierung vum de Weeër, Wanderweeër an de Gemengeweeër um Programm. De Slow-Cycling gëtt och promovéiert fir dass Touristen sech éischter mam Velo duerch eist Land beweegen. Dëst Joer gëtt et och eng nei Versioun vum Vélosommer, wou och all d'Informatiounen um Internet-Site vum Vélosommer ze fanne sinn. Mat de Signalisatioun vum Vélosommer dinn se sech nach ëmmer bësse schwéier, mä d'Gemenge kënnen do hier Propositionen eraginn. Et ass an deem Kontext wichteg ze erwänen dass de PC 14 nach ëmmer net weidergeet op der Kaart kann ee gesinn dass den Tuer op eemol zu Keespelt ophält.

Et ginn och Studente gesicht fir vu Juni bis September déi verschidden touristesch Sitten ofzedecken an fir dat Ganz fënnt eng Formatioun statt.

De Service vun den Eventer soll d'„Guided Summer Tours“ erëm am Buet an op eise Medie verëffentlechen.

An der Regioun Weste sinn 412.000 Nuechten (Guttlend) verbruecht ginn dat sinn 10% méi wéi 2019. Touriste sinn haaptsächlech aus eisen Nopeschlänner, 73,2% vun de Leit hunn an Hotelle geschlof déi aner op Camping, Airbnben asw.

Den Här Guy Kohlen (CSV) deelt e puer Informatiounen iwwert den Office social Mamer mat. De 27 Juni 2024 war d'Iwwerreechung vun de Schlësele fir 7 nei sozial Wunnengen, déi den Office social iwwerhëlt, (7 vun am Ganzen 9) zu Bartreng. Déi Wunnenge sinn och laut de Critère schonn attribuéiert a ginn am laf vum Mount Juli alleguerter beluecht. Déi zwou aner kommen eréischt Ufank Hierscht dobäi.

Virun enger Woch war an der Stad eng Konferenz iwwert Thematik d'„Adresse de référence“, des gouf organiséiert vun der Entente des Offices sociaux (EOS). Un der Konferenz hunn ënnert anerem deelgeholl d'Madamm Claudia Monti, den Här Jean-Lou Hildgen vum Inneministère, Leit vum Familljeministère. Et ware vill Leit do an et goufen och vill Froe gestalt mä et koume wéineg Äntwerten, well dee Sujet „Adresse de référence“ ënnerschiddlech vun de Gemengen duerch d'ganzt Land gehandhaabt gëtt, opgrond well et keng entspreichend Circulaire zu dem Gesetz vun 2018 gëtt fir dat kloer ze definéieren. Dëst féiert dozou dass e gewëssen Tourismus téschent de Gemengen entsteet, well verschiddener dat ganz rigid handhaben, respektiv Office socialen an anerer eben net. Et ginn zwou änlech grouss Gemengen am Süden déi

eng huet 90 „Adresses de référence“ an déi aner nëmmen 10. Et ass eigentlech dofir geduecht dass Mënschen ouni feste Wunnsätz sech kënnen iergendwou umelle fir kënnen hire Courier ze kréien. Dofir besteet e gewëssen Tourismus fir kënnen eng Gemeng ze fanne wou déi Concernéiert dann eng „Adresse de référence“ kréien. Dat ass zimmlech onglécklech mä et gëtt awer elo gekuckt fir d'Handhabung vum Gesetz kloer ze stellen, fir déi Saach an eng uerdentlech Bunn ze kréien. D'Madamm Claudia Monti sot dass een ëmmer mënschlech bei dëser Saach soll sinn.

Den Här Marc Bissen (LSAP) deelt mat dass de 14 Juni 2024 d'Gemeng Kielen sech dem Audit vum Naturpakt gestalt huet. Dat neit Naturpaktteam wat no de leschte Walen zesummegehalt gouf huet äifreg geschafft an huet elo déi nächst zertifizéiert Stuf erreicht an d'Gemeng erfëllt lo iwwert 52%, vun de Critèren déi am Naturpakt definéiert sinn. Dat bedeit och fir d'Gemeng Kielen dass d'Subsiden an d'Luucht ginn an sech méi wéi verduebelen. Aktuell kritt d'Gemeng 45.000€ Subsiden, am Kader vum Naturpakt an kënn an Zunkunft an de Genoss vu 130.000€ Subsiden d'Joer. Haut um 28 Juni 2024 ass den Naturpakt-Dag wou d'Gemeng eng Trophee iwwerrecht kritt.

D'Membere vum technesche Service a vum Regiebetrieb huele bei dësem Event deel fir sech kënnen weiderbilden a kënnen aner Projeten ze entdecken déi am Kader vum Naturpakt nach kënnen interessant si fir d'Gemeng Kielen.

Am Kontext vum Klimabündnis Lëtzebuerg hat d'Gemeng d'Hand ausgestreckt fir bei engem Pilot-Projet matzemaachen, wou et dorëm geet d'Kanner mam Velo an d'Schoul ze bréngen, also esou eng Aart Pedibus, ebe just mam Velo. Et gouf sech drop géeneegt eng Testwoch ze maache fir d'Kanner an d'Eltere vun Nouspelt. Am Virfeld ass vun der ProVelo.lu a.s.b.l. analyséiert gi wat dee sécherste Wee ass. Do ass festgestallt ginn dass wann ee vun Nouspelt kënn virum Delhaize e Geforepunkt ass, well do d'Autoen eran an erausfueren. Doropshin huet den technesche Service vun der Gemeng relativ séier an onkomplizéiert e Wee ugeluecht deen, wann ee vun Nouspelt kënn, virum Delhaize lenks era geet laanscht d'Seniore-residenz a bis op de Schoulsite féiert wat deemno erméiglecht dass d'Kanner a ganzer Sécherheet bis bei d'Schoul kommen. An deem Kader, ass och e Bréif erausgaangen un d'Eltere vun Nouspelt fir ze kucke wéi eng Kanner wëllen deeluelen. Dëst Event fënnt an der Woch vum 8 Juli statt. Et gouf och gekuckt fir 1 – 2 Fräiwëlleger ze fannen déi d'Kanner op hirem Wee hin an zeréck begleeden. D'Membere vu ProVelo.lu a.s.b.l.

kënnen Moies matfueren. Et gi Leit gesicht fir den Heemwee. Bis lo hunn 2 Elteren sech gemellt déi awer net déi ganz Woch disponibel sinn. Wann e Conseiller nach sollt eng Persoun kënnen, déi gäre Velo fiert an disponibel ass, ass e gebieden des unzeginn. D'Zil vun dësem Projet ass, dass e positive Bilan ka gezu ginn an dass dat Konzept developéiert a méi organiséiert ka gi fir et kënnen eventuell e ganz Schouljoer unzebiden. Dat positiivt ass op alle Fall dass elo e flotte Wee besteet wann ee vun Nouspelt wëll bis bei d'Schoul fueren. E grouse Merci un den technesche Service.

D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP) informéiert dass den Neurosport vun elo un op Nouspelt an de Centre culturel turne geet. D'Gemeng Garnech huet gefrot op d'Gemeng Kielen net eng Solutioun hätt well si net méi kënnen am Musikssall turnen. Et war e Moment zur Sprooch komm op Ollem turnen ze goen, mä vu dass et sech ëm gesondheetlech fragil Persounen handelt déi schlecht zu Fouss sinn, ass dat wéinst dem Verkéier zu Ollem schwéier ze organiséieren, dozou kënn dass do net vill Parkméiglechkeeten sinn sou dass de Neurosport wéinstens bis September kann op Nouspelt goen a wann d'Schoulen erëm turne gi muss gekuckt gi fir de Memberen en anere Sall zur Verfügung ze stellen.

Villmools Merci un d'Gemeng dass des 2 Mol de Bus bezuelt huet fir dass d'„Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire“ (L.A.S.E.P.), bei där 97 Kanner ugemellt goufen, konnt mat ëm déi 80 Kanner zweemol an d'Coque fueren. Nächst Joer kënn eng Stonn L.A.S.E.P. dobäi, vu dass d'Gemeng 9 Spillschoulsklassen huet an déi meeht Kanner déi ugemellt sinn an d'Spillschoul ginn. D'L.A.S.E.P. ass elo dënschdes an donneschdes jeeweils vu 14h00 – 16h00. D'L.A.S.E.P. huet och en neie Moniteur, de Maurice Boreiko vum Briddel, dee 5 Joer Turnproff geléiert huet. Nächst Joer gëtt och Inklusioun an der L.A.S.E.P. ugebueden et ass nämlech gefrot gi fir e Kand do mat anzebannen wat all 14 Deeg an d'L.A.S.E.P. kënn an do huet d'Madamm Claudia Malardi an d'Madamm Claudine Meyer-Deitz sech bereet erkläert all 14 Deeg ze hëllef dass dat Kand och kann deeluelen.

De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), deelt mat dass d'Kielener Gemeng sech vu senger beschter Säit gewisen huet op Nationalfeierdag, d'Fest hätt net besser kënnen lafe.

3. Restantenetat 2023

De Gemengerot approvériert d'Proposition vum Schäfferot a behält am ordinäre Service follgendes zeréck:

En reprise provisoire et à poursuivre	158 890,96€
En décharge: collègue des bourgmestre et échevins (19 juin 2024)	712,93€
Total	159 603,89€

4. „Titres de Recettes 2023“

Numéro article	Libellé	Nbre titres	Montant total
2/113/706080/99001	Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission du troisième âge	6	1.492,00€
2/113/706080/99003	Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission de la jeunesse	10	42.782,65€
2/113/706080/99004	Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission de la famille et de l'égalité des chances	4	2.451,50€
2/113/706080/99005	Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission des affaires culturelles	2	1.773,00€
2/113/706080/99007	Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission de l'intégration	6	14.610,42€
2/113/706080/99008	Recettes provenant des fêtes publiques organisées par la commission de l'environnement et de la circulation	2	12,00€
2/180/758000/99001	Recettes et remboursements divers	13	4.615,33€
2/242/708400/99001	Dons et collectes	2	2.125,50€
2/627/702400/99001	Vente de vieux matériel désaffecté	3	22.605,00€
2/831/748350/99001	Salles communales: Remboursement dégâts locatifs	1	57,76€
2/831/748380/99001	Autres remboursements	1	69,60€
2/860/706080/99001	Recette provenant de fêtes publiques - Fête Nationale	2	3.980,50€

De Gemengerot approvériert déi an dësem Tablo opgelëschte Recetten déi de Budget vum Joer 2023 betreffen.

5. Festleeën vum Grondsteiersaz a vum Gewerbesteiersaz fir d'Joer 2025

De Gemengerot leet fir d'Steierjoer 2025 follgenden Taux fir d'Gewerbesteier fest:

- Impôt commercial 300%

De Gemengerot leet fir d'Steierjoer 2025 follgend Tauxe fir d'Grondsteiere fest:

- Impôt foncier A 400%
- Impôt foncier B1 600%
- Impôt foncier B2 500%
- Impôt foncier B3 500%
- Impôt foncier B4 500%
- Impôt foncier B5 500%
- Impôt foncier B6 1.500%

D'Grondsteier B6, déi sech op Bauplaze bezitt, gëtt vu 500% op 1500% eropgesat fir aktiv an der Lutte géint d'Crise am Beräich vum Logement matzewierken.

6. Museksschoul – Schoulorganisatioun 2024-2025

Während senger Sëtzung vum 10 Juli 2015, huet de Gemengerot d'Konvention iwwert d'regional Kooperatioun, déi de 01 Juli 2015, vun de Schäfferéit vun de Gemenge Bartreng, Garnech, Habscht, Kielen, Käerch, Koplescht, Leideleng, Mamer, Simmer, Stengefort a Stroossen, déi ëm d'Kreatioun vun der regionaler Museksschoul Westen handelt a vum In-

nemistère de 16 November 2015 ënnert der Nummer 57/15/CAC (45805) approvériert gouf, gutt geheescht. Dës Konvention gesäit a sengem Artikel 3, bezüglech der Organisatioun vun de Musekscoursen, vir dass d'Gemeng Bartreng järelech virum 01 September iwwert d'Organisatioun vun de Musekscoursen, ënner Berücksichtigung vun de Coursen déi an deenen anere Gemengen organiséiert ginn, fir dat nächst Joer ofstëmmt. Deemno, hält de Gemengerot déi provisoersch Schoulorganisatioun fir d'Museksschoul an der Gemeng Kielen fir d'Schouljoer 2024/2025 fest. De Gemengerot vun der Gemeng Bartreng wäert endgültig iwwert d'Organisatioun vun de Musekscoursen fir dat künfteg Schouljoer, ënner Berücksichtigung vun de Coursen déi an der Gemeng Kielen organiséiert ginn, deliberéieren.

7. Schoulorganisatioun 2024-2025

Déi berodend Schoulkommissioun huet de 15 Abrëll 2024, a Präsenz vum Direkter vun der regional Direktioun Mamer, dem Här David Bettinelli, d'Proposition vum Schoulkomitee vun der Grondschoul vu Kielen vum 30 Mäerz 2024 bezüglech der Schoulorganisatioun 2024/2025, approvériert. Deemno, hält de Gemengerot déi provisoersch Schoulorganisatioun, Versioun vum Scolaria, vun der Grondschoul vu Kielen fir

d'Schouljoer 2024/2025 fest, sou wéi och déi komplementar Deliberatioun zur Schoulorganisatioun, de PDS (Plan de développement de l'établissement scolaire) 2024-2027 an de PEP (Plan d'encadrement périscolaire) 2024-2025.

8. Inventaire vum architektoneschen Ierwen

Den Dossier iwwert den architektoneschen Ierwe vun der Gemeng Kielen esou wéi och de Projet fir d'Klassement vun Immobilien ënnert national Kulturierwe wa während 30 Deeg an zwar ab dem 29 Abrëll 2024 am Gemengemhaus deponéiert. Déi selwecht Dokumenter waren och um Site vun der Gemeng an ënnert „Enquêtes.public.lu“ publizéiert. Eng Reunion, fir d'Leit déi sech iwwert dëst Thema informéieren wollten, huet den 30 Abrëll 2024 an der Hall Mukeme stattfonnt. D'Observatioun bezüglech dem Projet fir d'Klassement oder der Kreatioun vu geschützte Secteuren am nationalen Interessi hu misse schrëftlech un de Schäfferot geschéckt gi bannent deene 45 Deeg ab der Publicatioun bezüglech dem Deponéiere vum Dossier am Gemengemhaus. 9 Contributioun goufe bannent dem Delai agereecht. Unhand vun deene Contributioun gouf en Tablo opgestallt dee mat de Propositione vum Schäfferot vervollstännegt gouf an iwwert deen de Gemengerot soll en Avis ofginn.

Deemno, decidéiert de Gemengerot e positiven Avis zu de Propositionen an de Grënn déi aus dësem Tableau ervir ginn, ze ginn.

9. Valorlux - Conventioun

De Gemengerot approvüiert d'Konventioun fir d'Iwwerhuele vun de Käschte fir d'Kollekt, d'Botz, den Transport, an d'Veaarbechtung vu verschidde Produiten déi de 05 Juni 2024 tëschent der ASBL „Valorlux“, vertrueden duerch hiren Direkter, dem Här Claude Turping, an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot ënnerschriwwen gouf. Allerdéngs iwwerhëlt Valorlux just déi Käschte wann d'Verwaltung vun der Gemeng Kielen d'Kollekt vu Behälter vun Iesswueren, Sachten, Behälter fir Gedréngs, Becheren, Tuten aus Plastik, Lingetten, Loftballonen an Tubaksprodukter mat Filter duerchféiert.

10. The Luxembourg Pipe Band A.s.b.l. – Deponéiere vun de Statuten

Déi de 24 Juni 2024 am „Registre de Commerce et des Sociétés“ deponéiert an enregistriert Statute vun der ASBL „The Luxembourg Pipe Band A.s.b.l.“ goufen den 01 Mäerz 2024 am Sekretariat vun der Gemeng deponéiert. D'Associatioun developpéiert a promovéiert Praxis vun der Musek, déi musikalesch Formatiounen awer och d'Erweiterung vun allen Aktivitéiten déi sech op dat musikalescht a sozio-kulturellt Liewe bezéien. Deemno hält de Gemengerot dës Statuten zur Kenntnis.

11. Special Olympics Luxembourg – Subsid

Unhand vun hirem Bréif vum 24 Mee 2024, freet „Special Olympics Luxembourg“ déi als Organisatioun fir d'Inklusioun vu Persoune mat engem Handicap agéiert, eng finanziell Ënnerstëtzung fir d'Aktivitéiten déi hier Athleeten op déi weltwäit Spiller vu „Special Olympics“ zu Turin am Joer 2025 virbereeden. Deemno decidéiert de Gemengerot 250€ un „Special Olympics Luxembourg“ ze spenden.

12. Reglement fir Taxe bezüglech der Gestiou vun den Offäll

D'Deliberatioun vum 27 Oktober 2023 unhand vun der d'Reglement fir Taxe bezüglichen den Offäll geännert huet, renseignéiert Präisser bezüglech dem Akafspräis vun de Poubellen an den Accessoiren déi net richteg sinn. Dofir mussen an der haiteger Sëtzung dës Feeler rektifizéiert ginn. Deemno hält de Gemengerot Taxen, bezüglech den Offäll fest, déi ab dem 01 Oktober 2024 applizéiert ginn.

13. Deklassement vun enger Parzell aus dem „Domaine public communal“ situéiert an der „rue de Kopstal“ zu Meespelt

D'Gemeng Kielen wëll eng Parzell mat enger Surface vu 4,29 Ar an der „rue de Kopstal“ déi sech tëschent dem Trottoir a Privatbesëtz vun enger Drëttpersoun befënnt verkafen. Allerdéngs, muss dës Parzell als éischt deklasséiert ginn, well den öffentlechen Domän kann net verkaaft ginn bis en deklasséiert ass. Deemno beschléisst de Gemengerot déi betraffe Parzell ze deklasséieren.

14. Compromisen / Akten

14.1. Compromis fir en Echange vu Parzellen an der „rue Belle-Vue“ zu Kielen

De Gemengerot approvüiert de Compromis n°2024/1/2/CP vum 05 Juni 2024 unhand vun deem MAREA S.A., vertrueden duerch hiren eenzege Administrateur dem Här Rico Marochi eng Parzell vun 0,01 Ar, situéiert um Uert „Rue Belle-Vue“ zu Kielen mat der Gemeng Kielen, géint Parzellen mat engem Total vun 0,06 Ar, tauscht. Dësen Echange fënnt zu engem Präis vun 1.000€ den Ar statt an aus dem eng Soulté vu 50€ zu Gonschte vun der Gemeng ervir geet.

14.2. Compromis fir de Kaf vum engem Gebai an der „rue de Kopstal“ zu Kielen

De Gemengerot approvüiert de Compromis n°2024/1/3/CM deen de 07 Juni 2024 tëschent der Gemeng vertrueden duerch hire Schäfferot an der Koppel Här Paul Jean Wies an d'Madamm Raymonde Elise Nilles ënnerschriwwen gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen der Koppel eng Parzell mat enger Surface vu 15,10 Ar, situéiert um Uert „Rue de Kopstal“ of. D'Gebai gëtt verkaf zu engem Präis vun 3.925.000€.

14.3. Compromis fir de Kaf vu Parzelle situéiert um Uert „In Merlsgrund“, Sektouren E de Keespelt a Meespelt

De Gemengerot approvüiert de Compromis n°2024/1/8/CM deen den 19 Juni 2024 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madamm Liliane Thérèse Marcelle Bichler, der Madamm Carmen Rieff an der Madamm Jacqueline Rieff ënnerschriwwen gouf. Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng Kielen de Konsorten Bichler a Rieff Parzellen vun enger Surface vun am Ganzen 159,70€, all situéiert um Uert „In Merlsgrund“, Sektouren

E vu Keespelt a Meespelt of. Dës Vente fënnt zu engem Präis vu 67.641€ statt.

14.4. Kontrakt betreffend eng Servitude fir d'Pos vun enger Leitung / Kabel – Avenant

Während senger Sëtzung vum 15 Mäerz 2024, huet de Gemengerot d'Konventioun betreffend der Servitude fir d'Pos vun enger Leitung / Kabel n°APV/WEA-KK-016, déi den 13 Mäerz 2024 tëschent der Gemeng Kielen vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit „Green Power Storage Solution (GPSS)“, vertrueden duerch den Här Patrick Witte, „General Manager“ an de Här Philipp Fisch, „CTO“, approvüiert. Dës Konventioun betrëfft d'Parzellen déi ageschriwwen sinn am Kadaster vun der Gemeng Kielen n° 1328/6926, mat enger Surface vun 9,92 Ar, Wiss, n°1286/6813, mat enger Surface vun 3,06 Ar, Strooss, n°1286/7217, mat enger Surface vu 6 Ar, Strooss, all situéiert um Uert „Schaar“ a „In der Gruf“, Sektouren A vu Kielen, esou wéi e Feldwee, mat enger Surface vu 5,84 Ar. Allerdéngs, approvüiert de Gemengerot an der haiteger Sëtzung den Avenant n°APV-WEA-KK-016 deen den 19 Juni 2024 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit „Green Power Storage Solution (GPSS)“ ënnerschriwwen gouf. Dësen Avenant kënnt doduerch dass d'Artikelen 1, 2, 3, vun der ursprüngelecher Konventioun geännert goufe well e Verdeelungsschaf (ADD) op enger Längt vu 6 Meter vun der Parzell déi ageschriwwen ass am Kadaster vun der Gemeng Kielen n°1286/7487, mat enger Surface vun 2,46 Ar, Plaz, situéiert um Uert „In der Gruf“, Sektouren A vu Kielen operéiert gouf.

15. Lotissementer

15.1. Lotissement vun engem Terrain an der „rue de Kopstal“ zu Meespelt“ (Begrenzung vum öffentlechen Domän)

De Gemengerot approvüiert de Projet vun engem Lotissement dee vum Geometer GEO-CAD Géomètres officiels S.à.r.l. vu Lëtzebuerg fir d'Societéit COPROM S.A. vu Miersch de 27 Mäerz 2024 opgestallt gouf. Am Kader vun der Entwécklung vum „PAP NQ rue de Kopstal“ zu Meespelt, gesäit dës Projet vir en Deel vum öffentlechen Domän an e Lous ze splécken, an zwar d'Parzell n°1122/xxx1, Sektouren E de Keespelt a Meespelt, Plaz, mat enger Surface vu 4,29 Ar, situéiert um Uert „Rue de Kopstal“, well dës Parzell un d'Parzellen déi am Kadaster vun der Gemeng ageschriwwen sinn ënnert de Nummern 1122/3518 a 1126/177, déi der Societéit COPROM S.A. vu Miersch gehéieren, grenzt.

15.2. Lotissement vun engem Terrain an der „rue Nic Wirtgen“ zu Ollem

De Gemengerot approvüiert de Projet vun engem Lotissement dee vum Geometer GEO-LUX GO 3.14 S.A. vu Bartreng fir d'Societët Antonissen Lux Sàrl vu Bäreldeeng den 13 Mäerz 2024 opgestallt gouf. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell n°758/1973, Sektouen B vun Ollem, Plaz, mat enger Surface vu 6,75 Ar, situéiert um Uert „Rue Nic. Wirtgen“ an 2 Lousen ze splécken, nämlech d'Lous n°758/LOT 1, mat enger Surface vun 3,37 Ar an d'Lous n°758/LOT 2, mat enger Surface vun 3,35 Ar, fir do kënnen 2 jumeléiert Haiser ze bauen.

15.3. Lotissement vun engem Terrain um „boulevard Robert Schuman“ zu Ollem.

De Gemengerot approvüiert de Projet vun engem Lotissement dee vum Geometer GEO-LUX GO 3.14 S.A. vu Bartreng d fir d'Societët ANTONISSEN LUX S.à r.l vu Bartreng

de 05 Abrëll 2024 opgestallt gouf. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell n°720/2142, Sekiouen B vun Ollem, Plaz, mat enger Surface vun 8,13 Ar, situéiert um Uert „Bd Robert Schuman“ an zwee Lousen ze splécken an zwar d'Lous n°720/LOT 1, mat enger Surface vu 4,28 Ar an d'Lous n°720/LOT 2, mat enger Surface vun 3,85 Ar, fir do kënnen 2 jumeléiert Haiser ze bauen.

15.4. Lotissement vun engem Terrain an der „rue du Kiem“ zu Kielen

De Gemengerot approvüiert de Projet vun engem Lotissement dee vun der Societët TREND HOUSE S.à.r.l. vu Bäreldeeng fir de Här Forc Alexandre den 29 Mee 2024 opgestallt gouf. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell n°2571/5795, Sektouen A vu Kielen, Plaz, mat enger Surface vun 11,96 Ar, situéiert um Uert „Rue du Kiem“ an dräi Lousen ze splécken, an zwar d'Parzell A, mat enger Surface vu 4,42 Ar, d'Parzell B mat enger Surface vun 3,32 Ar an d'Parzell C mat enger Surface vu 4,22 Ar, fir kënnen 3 Haiser an enger Rei ze bauen.

15.5. Lotissement vun engem Terrain an der „rue d'Olm“ zu Kielen

De Gemengerot approvüiert e Projet vun engem Lotissement dee vu Geometer GEOCAD Géomètres officiels S.à.r.l. vu Lëtzebuerg fir d'Societët AMER-SIL S.A. vu Kielen den 18 Abrëll 2024 opgestallt gouf. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell déi am Kadaster vun der Gemeng ënnert der Nummer 2946/7447, Sektouen A vu Kielen, Plaz, mat enger Surface vun 229,01 Ar, situéiert um Uert „Rue d'Olm“ an zwee Lousen ze splécken an zwar d'Lous n°2946/XXX1 an d'Lous n°2946/XXX2, fir kënnen en Deel vun der Parzell op Säite vun der Elco S.A. ofzegrenzen, fir de spéidere Verkaf vun dësem Deel.

16. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert 9 urgent Verkéiersreglementer vum Schäfferot an zwar fir Aarbechte fir de Uschloss vu Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post am Domän Brameschaff zu Kielen, vum 03 Juni 2024, bis den 03 Juli 2024; fir Aarbechte fir de Uschloss vu Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post an der „rue de Nospelt“ zu Kielen vum 14 Juni 2024 bis de 26 Juli 2024; fir Aarbechte fir de Uschloss vu Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post an der „rue d'Olm“ zu Kielen vum 14 Juni 2024 bis de 26 Juli 2024; fir Aarbechte fir de Uschloss vu Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post am Domän Brameschaff zu Kielen vum 04 Juli 2024 bis zu Ofschloss vun den Aarbechten; fir Aarbechte fir de Uschloss vu Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post an der Gassel zu Kielen vum 14 Juni 2024 bis de 26 Juli 2024; fir Aarbechte fir de Uschloss vu Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post A Bächel zu Kielen vum 14 Juni 2024 bis den 28 Juni 2024, fir Ausgruewungen an der „rue de Brameschhof“ an an der „rue des Champs“ zu Kielen vum 13 Juni 2024 bis de 26 Juli 2024; fir Aarbechte fir 3 Zebrasträife konform ze setzen op der Kräizung vun der „rue de Kehlen“, „rue de Mersch“ a „rue de Meispelt“ zu Keespelt vum 24 Juni 2024 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten.

17. Berodend Kommissiounen

17.1. Ëmwelt- an Energiekommissioun – Ernennung vun engem Sekretär

An engem geheim Vott ernennt de Gemengerot den Här Joël Blei Sekretär vun der Ëmwelt- an Energiekommissioun

WELTER

Expertise Comptable & Conseil Fiscal

Comptabilité an Steiererklärungen fir
Betriber an Privatleit

Comptabilité et déclarations fiscales pour
entreprises et personnes privées

Buchhaltung und Steuererklärungen für
Unternehmen und Privatpersonen

Welter Sàrl

50A, rue de Mamer
L-8280 Kehlen

Tél : 26 10 35 26
info@welter-luxembourg.lu

www.welter-luxembourg.lu



17.2. Ëmwelt- an Energiekommissioun – Ernennung vun engem Member

De Gemengerot ernennt, op Proposition vum Schäfferot an unhand vun engem geheime Vott, den Här Kevin Urbing als Member vun der Ëmwelt- an Energiekommissioun déi sech elo follgendermoossen zesummesetzt:

N°	Nom / Prénom		Fonction	Localité
1	BREDEN Guy	CSV	Président	Kehlen
2	BINCK-GESCHWIND Cheryl	CSV	Membre	Kehlen
3	BIVER Alain	CSV	Membre	Kehlen
4	BLEI Joël	LSAP	Secrétaire	Kehlen
5	vacant	LSAP	Membre	Kehlen
6	FRANTZEN Maryse	DP	Membre	Olm
7	SCHMITZ Jean-Claude	déi gréng	Membre	Olm
8	LANNERS Marc	neutre	Membre	Keispelt
9	PICARD Marc	neutre	Membre	Kehlen
10	SCHLEISER Franz	neutre	Membre	Kehlen
11	PELLER Franky	neutre	Membre	Keispelt
12	URBING Kevin	neutre	Membre	Nospelt
13	SCHROEDER Claude	neutre	Membre	Kehlen

17.3. Inclusiounskommissioun – Demission vun engem Member

Unhand vun hirem Bréif vum 20 Mee 2024, huet d'Madamm Sandrine Massard hire Wonsch geäussert fir als Member vun der CSV an der Inclusiounskommissioun ze demissionéieren. Doropshin accordéiert de Gemengerot der Madamm Sandrine Massard Demission aus der Inclusiounskommissioun déi sech da follgendermoossen zesummesetzt.

N°	Nom / Prénom		Fonction	Localité
1	JUNG Norbert	CSV	Secrétaire	Nospelt
2	KOHNEN Guy	CSV	Membre	Nospelt
3	vacant	CSV	Membre	
4	REHLINGER Sandra	LSAP	Présidente	Kehlen
5	BACK Joan	LSAP	Membre	Olm
6	CASEY Wendy	DP	Membre	Keispelt
7	BONIFAS Larry	déi gréng	Membre	Nospelt
8	PEREIRA-PACIOTTI Patrizia	neutre	Membre	Olm
9	LIESCH Camille	neutre	Membre	Olm
10	RIEDEL-MAHR Nora	neutre	Membre	Keispelt
11	LINK Marie-Claire	neutre	Membre	Nospelt
12	SOW Momar Tallar	neutre	Membre	Kehlen
13	MARTIN Paul	neutre	Membre	Kehlen

18. Punktuell Modifikatioun vum PAG „Am Aker“ zu Kielen

A senger Sëtzung vum 27 Oktober 2023, huet de Gemengerot decidéiert déi punktuell Modifikatioun vum PAG „Am Aker“ zu Kielen, déi vum Ingenieurbüro Luxplan S.A. vu Conter a hirer Versioun vum Oktober 23

erstallt huet, an d'Prozedur ze ginn. Dës Proposition fir d'punktuell Modifikatioun vum PAG „Am Aker“ huet als d'Zil d'Upassung vun der Ofgrenzung vun der Zon déi dem PAP NQ ënnersteet um Uert Am Aker, fir eng gutt Ausféierung vun der Entwécklung vum „Développeur S-Buildings“ ze garantéieren. Verschidden Deeler vum Site ënnerleien engem PAP QE bei dem verschidden Dispositionen a Reglementer et net erlaben de PAP a sengem aktuellen Zoustand ze realiséieren. An deem Kontext, approuvéiert de Gemengerot d'MOPO PAG „Am Aker“ zu Kielen déi op Initiativ vum Schäfferot vum Ingenieurbüro Luxplan S.A. vu Conter, a senger Versioun vu Juni 2024, ausgeschafft gouf.

19. Punktuell Modifikatioun vum PAP QE Am Aker Kielen

An senger Sëtzung de 25 Oktober 2023 huet de Schäfferot decidéiert, d'punktuell Modifikatioun vum PAP QE Am Aker zu Kielen, Versioun September 2023, laut den Dispositionen vum Artikel 26, Paragraph 2, Alinea 2 vum Gesetz vum 19 Juli 2024 iwwert de kommunalen Amenagement an déi urbanistesche Entwécklung, an d'Prozedur ze ginn. De Gemengerot approuvéiert dës punktuell Modifikatioun vum PAP QE Am Aker vun der Gemeng Kielen esou wéi se presentéiert gouf.

20. Aarbechte fir Reparatiounen a Renovatiounen am Kulturzentrum zu Nospelt – Devis

Den technesche Service vun der Gemeng huet de 17 Juni 2024 en Devis fir Reparatiounsaarbechten a Renovatiounsaarbechten am Kulturzentrum zu Nospelt fir e Montant vu 74.500€ HTVA (87.165,00€ TTC) opgestallt. Dësen Devis ëmfasst d'Rubricke Renovatiounsaarbechte fir e Montant vun 18.500€ HTVA, d'Sanéierung vum Flaachdaach fir e Montant vu 50.000€ HTVA esou wéi Verschiddenes fir e Montant vu 6.000€ HTVA. Deemno approuvéiert de Gemengerot dësen Devis.


21. Floumaart fir Jugend- a Kannersaachen - 21st Editioun – Dekont a Subsid

De Receveur Serge Harles huet en Dekont bezüglech dem Floumaart fir Jugend- a Kannersaachen -21st Editioun, deen den 28 an 29 Abrëll 2023 zu Keispelt stattfonnt huet an dee vun der Jugendkommissioun an Zesummenaarbecht mat den Associatiounen organiséiert gouf, den 20 Juni 2024 opgestallt. Dës Floumaart huet e Boni vu 6.882,10€ generéiert. De Schäfferot proposéiert, op Proposition vum der Jugendkommissioun

en Don vu 7.500€ un d'Associatioun „Caritas Jeunes et Famille asbl habitation SLEMO (Service Logement En Milieu Ouvert)“, mat engem Appartement zu Kielen, ze spenden. Dovunner iwwehëlt d'Gemeng Kielen Differenz vun dësem Boni an dem Don dee gespent gëtt, nämlech 617,90€. De Gemengerot approvëiert dës Propositioun.

22. Floumaart fir Jugend- a Kannersaachen – 22st Editioun – Dekont a Subsid

